

dass och grad chrëschtlech Politiker géingen esou en Text stëmmen, oder si dierften en iwwerhaupt net stëmmen, well d'Madame Wagener mengt, si kënn an där dote Problematik Zitatiounen ervirbréngen, déi déi eng oder déi aner moralesch Schwierigkeete géifen...

■ **Mme Renée Wagener** (*DÉI GRÉNG*), *auteur*.- Dat sinn net ech, dat ass de Poopst, deen dat seet.

■ **Une voix**.- Jo!

■ **M. Luc Frieden**, *Ministre de la Justice*.- Ech wëll der Madame Wagener soen, dass ech mengen, dass all Politiker, dee sech ëm seng Matmënsche bekëmmert, an dat ass d'Zil vun der Politik an dat ass d'Zil vun dëser Regierung, dee bréngt esou e Projet ervir, well e sech ëm d'Leit bekëmmert. E bekëmmert sech ëm d'Leit, déi net ënnert déi Regele falen, déi am Gesetz iwwert de Mariage virgesi sinn, e bekëmmert sech ëm déi Leit, déi an eiser Gesellschaft aus fräie Stécker, an enger fräier, pluralistescher Gesellschaft kënnen d'Leit esou zesumme wunne wéi si et fir richtig fannen, an da stellt sech d'Fro fir d'Politik: Bekëmmert ee sech dorëms oder bekëmmert ee sech net dorëms? D'Regierung ass der Meenung, contrairement zu aneren, dass ee sech ëm déi Situatioun muss bekëmmern.

Dat ënnerscheet eis och vun deem, wat hei d'Vertrieder vum ADR gesot hunn, déi déi Froen einfach wëlle lénks leie loossen. Hei ass en Text, deen eng kloer, propere...

■ **Une voix**.- Mir hu kloer Propositione gemaach, Här Minister, wat mer wëllen änneren.

■ **M. Luc Frieden**, *Ministre de la Justice*.- Dat hei ass en Text, deen déi Situatioun verbessert, an duerfir hoffen ech op eng breet Zoustëmmung an dësem Parlament. Dëst Gesetz huet näischt ze doe mat der Fro vum Mariage vun den Homosexuellen. Déi Fro muss a kann een an enger pluralistescher Gesellschaft diskutéieren, mä souguer wann d'Regierung op dee Wee gaange wär, wat se net...

(Interruptions diverses)

Bon, haut de Moien zënter néng Auer an an de Kommissiounssitzungen hu mer x-mol doriwwer diskutéiert.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

■ **M. le Président**.- Loosst den Här Minister schwätzen!

■ **M. Luc Frieden**, *Ministre de la Justice*.- Här President, ech wär frou wann ech kënn mäi Gedanken och op deem Punkt fäerdeg maachen, well ech hunn och d'Madame Wagener natierlech schwätze gelooss.

Och wann een dee Mariage agefuert hätt, da bleift d'Regierung der Meenung, dass een dëse Gesetzesprojet brauch, well dëse Gesetzesprojet regelt jo d'Situatioun vun deene Leit, déi net matenee bestuet sinn an déi och an esou enger Situatioun net onbedéngt wëlle bestuet sinn. Also soen ech, dëse Gesetzestext ass an den Ae vun der Regierung extrem noutwendeg, virun allem fir de Volet vun der sozialer Sécherheet, vun der Fiskalitéit a fir gewësse Beraicher vum Zivilrecht méi kloer ze regele wéi dat haut de Fall ass.

Déi aner Fro, an dorobber ginn ech elo net méi am Detail an, well ech dat virdrun an Zwëscheninterventiounen gemaach hunn, muss een an eisen Ae selbstverständlech virun allem am Kontext vum Intérêt vun de Kanner gesinn. An ech bieden drëm, dass, wann een esou eng Diskussioun op eng tolerant Aart a Weis féiert, d'Kand am Vierdergrond steet. D'Fro vum Intérêt vum Kand, d'Fro vun der Adoptioun, d'Fro vun den internationa-

len Adoptiounen, déi och largelement déterminéiert ginn am Ursprongsland vun deene Kanner, kann een net hei duerch e Fiederstréch maachen.

Ech deelen och net d'Meenung vun deene Gréngen, déi sech hei ganz kloer fir en Adoptiounsrecht vun homosexuelle Koppelen ausgeschat hunn, well ech mengen et gëtt kee Recht op d'Adoptioun. D'Adoptioun muss ëmmer gesi gi virun allem aus der Perspektiv vun de Kanner. Doriwwer muss een eng Debatt féieren, doriwwer kann een eng Debatt féieren. An enger pluralistescher Demokratie muss ee kënnen iwwer alles diskutéieren. Mä dat huet näischt mat dësem Projet de loi ze doen. Duerfir mengen ech, dass jiddferen, dee sech bekëmmert ëm déi Leit, déi zesumme wunnen ouni bestuet ze sinn, soll massiv dësen Text stëmmen. Mir wäerten dorunner moossen, wie sech ëm d'Leit hei am Land bekëmmert a wiem verschidde Situatiounen egal sinn.

(Interruptions diverses)

Duerfir bieden ech ëm d'Zoustëmmung zu dësem Gesetz an ech soen all deene merci, déi hei op eng konstruktiv Aart a Weis an dëser Debatt an och an deene Kommissiounssitzungen - dat waren der ganz vill, et ware ganz vill Kommissiounssitzungen - deelgeholl hunn, virun allem och dem Rapporteur, dem Här Wiseler, deen hei duerch deen Text a villen Aarbechtssitzunge sech doduerch gewandert huet.

Ech mengen och, an domadder géing ech ofschléissen, Här President, dass zu all dësen Debatten, deene gesellschaftspoliteschen Debatten, ee muss e largen Débat féieren. Dat hu mir bei dësem Text gemaach, an et soll een eis wann ech gelift net reprochéieren, dass deen Text kuerz virum Enn vun der Legislaturperiod kënn. Déi Gréng hunn eis hei attackéiert, deen een Dag soen se déi Texter kéimen ze spéit an der Legislaturperiod, se komme spéit well och laang doriwwer diskutéiert ginn ass. Anerer kommen net, déi awer um Instanzewee sinn, wéi d'Reform vum Scheedungsrecht oder dee vum Numm vum Kand, well mer wëllen den Débat féieren.

Mir hätten déi och nach, wa se zum Deel aviséiert gewiescht wiere vum Statsrot, kënnen duerchbréngen. Ech mengen, dass dat Debatte sinn, déi ee muss féieren, onofhängeg vu Wahlen, an duerfir ass et och Zäit fir déi Debatten am Hierscht virunzeféieren. Mir hunn d'Jalonen dozou gesat, dës Regierung huet d'Texter op den Instanzewee bruecht, an déi Debatte mussen am Hierscht virugefuert ginn, och op anere gesellschaftspolitesche Felder, déi mir an dëser Legislaturperiod wesentlech vu Regierungssäit virubruucht hunn.

Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. le Président**.- Ah, d'Madame Wagener freet Parole après ministre.

■ **Mme Renée Wagener** (*DÉI GRÉNG*), *auteur*.- Jo, Här President, Parole après ministre. Ech wollt dem Här Frieden soen, en huet elo gesot mir hätte vun engem Recht op Adoptioun geschwat. Wann en eis Proposition de loi gelies hätt, hätt e gesinn, dass mer eis duerchaus bewosst sinn, dass et kee Recht gëtt, mä en Accès, dee geregelt ass. An domadder kënne mir och ganz gut liewen. Mir hunn ni gesot, et misst e Recht ginn, an natierlech ass fir jiddferen heibannen, och fir déi Gréng, den Intérêt vum Kand deen, deen zielt.

Mä den Intérêt vum Kand, wann deen esou definéiert gëtt, dass d'office homosexuell Leit, ob se elo zu zwee oder eleng sinn, ausgeschloss ginn, dann ass dat menger Meenung no do de Punkt, wou et falsch leeft, da gëtt eng Diskrimina-

tioun gemaach, da gëtt net méi fräi gekuckt, ob een apte a capabel ass fir Erzéiungsaarbecht ze maachen, mä da gëtt just nach gekuckt, wéi engem seng sexuell Orientéierung ass, an et ass genau dee Punkt, dee mir wëllen ofschafen, a wou mir wëllen an eng nei Richtung goen.

■ **Une voix**.- Très bien.

■ **M. le Président**.- D'Diskussion ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4946 a stëmmen doriwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 bis 31 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert de Projet de loi 4946.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 4946 et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmmen mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi 4946 ass ugeholl mat 33 Jo-, 7 Nee-Stëmmen an 20 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Marco Schank), Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Marco Schroell), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps (par M. Niki Bettendorf), Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer.

Ont voté non: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: M. Jean Spautz;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par Mme Lydie Err), Jean-Pierre Klein (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jeannot Krecké), Mme Lydia Mutsch (par M. Georges Wohlfart), MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert d'Proposition de loi 4162.

Lecture du texte de la proposition de loi (par M. Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 bis 6 si gelies an ofgelehnt.

Mir stëmmen elo of iwwert d'Proposition de loi vun der Madame Renée Wagener.

Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 4162

Déi derfir si stëmmen mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

D'Proposition de loi 4162 vun der Madame Renée Wagener ass verworf mat 40 Nee- géint 20 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Jeannot Krecké), Jean-Pierre Klein (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Jeannot Krecké, Lucien Lux (par Mme Lydie Err), Mme Lydia Mutsch (par M. Jean Asselborn), MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Georges Wohlfart);

M. Jacques-Yves Henckes;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par Mme Simone Beissel), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Marco Schroell), Alexandre Krieps (par M. Niki Bettendorf), Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Mer kommen dann zur Proposition de loi 4110 vun der Madame Lydie Err.

Lecture du texte de la proposition de loi (par M. Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 bis 5 si gelies an ofgelehnt.

Mir stëmmen elo of iwwert d'Proposition de loi 4110 vun der Madame Lydie Err.

Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 4110

Déi derfir si stëmmen mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

D'Proposition de loi 4110 ass verworf mat 35 Nee- géint 24 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Jeannot Krecké), Jean-Pierre Klein (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Jeannot Krecké, Lucien Lux (par Mme Lydie Err), Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Georges Wohlfart);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM.

Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par Mme Simone Beissel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Marco Schroell), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Alexandre Krieps (par M. Niki Bettendorf), Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Colombero et Aly Jaerling.

Mir maachen elo d'Lecture vun den Artikelen vun dräi Projeten, wou mer gëschter d'Discussion générale ofgeschloss hunn. Wéi gesot, et bleiwen nach d'Lecture vun den Artikelen ze maachen an de Vote.

Dat betrëfft fir d'éischt de Projet de loi 5315.

2. 5315 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 1^{er} mars 1973 autorisant le Gouvernement à accorder la garantie de l'État et une aide financière au profit de la „Société des Foires Internationales de Luxembourg“, Société anonyme à Luxembourg (suite)

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen I an II si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also of iwwert de Projet de loi 5315.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmmen mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par Mme Simone Beissel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Gusty Graas), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par M. Niki Bettendorf), Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Jean Asselborn), Jean-Pierre Klein (par Mme Lydie Err), Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Georges Wohlfart), Mme Lydia Mutsch (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.